# Hallo léif Kanner,

Ech hunn déi lescht Deeg e bësse nogeduecht
a mir ee klengt Gedicht iwwerluecht
ech hoffen et geet dir gutt
verléier op kee Fall de Mutt
et ass fir eis all eng schwéier Zäit
mee ech kucke scho puer Méint méi wäit
da wäerte mir nees all zesumme laachen
an och rëm vill Dommheete maachen
de Moment brauch jidderee Gedold
de Corona Virus ass dorunner Schold
genéiss elo mol deng Vakanz a bleif relax doheem
kee Stau op enger Rees, dat ass dach och mol ganz bequem
keen huet Stress fir d Valise ze paken
huel dir Zäit an aller Rou ee gudde Kuch ze baken
dréin all Dag dobaussen eng flott Ronn
do gëss de da verwinnt vun der Sonn
Ouschtere feiert dëst Joer jidderee bei sech
trotz allem, ee schéint Fest fir deng Famill a fir dech
maach dat Bescht aus döser Zäit
bis een sech dann rëmgesäit
Vill Spaass a bleif gesond
vläit hues du jo och Beschäftegung an eiser Babbelstuff font
an hoffentlech bis geschwënn, fir ze feieren hu mir dann all ee gudde Grond





Äddi Kanner

